



CHAMBRE DES SALARIES
LUXEMBOURG

**Discours de Monsieur Jean-Claude REDING,
président de la Chambre des salariés**

à l'occasion de l'inauguration du nouveau bâtiment de la CSL

Seul le discours prononcé fait foi

le 3 décembre 2018

Dir Dammen an dir Hären,
Léif Kolleginnen an Kollegen,

et ass mer eng grouss Freed iech den Owend hei bei der Inauguratioun vun eisem neien Gebai kënnen ze begréissen.

Jiddereen dee schonn mol gebaut huet weess dass do net ëmmer alles no Plang leeft; och mir haten natierlech e puer Incidents de parcours, mee et ass eis awer gelongen d'Aarbechten am Timing ofzeschléissen. Mir hunn deemnächst eis Kommissiounssätzungen an eisem neie Gebai an ab Januar lafen eis Formatioun'en wéi geplangt natierlech och hei.

Ech wollt duerfir all de Leit Merci soen déi de près ou de loin un deenen Aarbechten bedeelegt waren. Si hunn et erméiglecht, duerch hiren Asaz, den zemools di leschten Méint a Wochen extrem intensiv war, dass eist Gebai lo fäerdeg ass.

Ech kann déi Leit net alleguerten opzielen, mee natierlech wëll ech un éischer Stell dem Architektenbüro Merci soen. Den Här Theisen a säin Nofolger den Här Walter an hier ganz Equipe hunn de Projet mat Begeeschterung a mat vill perséinlechem Asaz geleet.

Hier Pläng hunn et erméiglecht e Gebai opzeriichten wat net nëmmen funktionell ass mee och architektonesch gesinn immens flott ginn ass e sécher eng Plus-value fir dëse Quartier duerstellt. Si wäerten selwer herno op dëse Projet agoen.

Stellvertriedend fir all d'Corps de Métiersen dann e grouse Merci un den Büro d'études Schroeder & associés, notamment dem Patrick Counotte an dem Maxime Bachet, déi d'Aarbechten mat encadréiert hunn an och mat opgepasst hunn dass deen geplangten Budget net iwwerschrott ginn ass.

Ech wëll elo net an d'Detailer goen, mee am Ufank war dat mat deenen sëllegen Geneemegungen net sou einfach. Merci an dem Kontext och dem Här Reinert vun der Stad Lëtzebuerg den eis an deenen prozeduralen Froen vill gehollef huet.

Merci och de Kollegen vun der Coopérative vum Casino syndical déi eis den Terrain verkaf hunn an mat deenen mer och gutt zesummegeschafft hunn. Mir sinn jo mat hinnen an enger Kopropriétéit waat de ganzen Komplex betrëfft. Hiren President, de Guy Greivelding, wäert herno och nach e puer Wuert un iech riichten.

Dir Dammen an dir Hären,

eise Comité huet decidéiert fir di baussecht Fassad artistesch ze valoriséieren. Op Recommandatioun vun engem Jury, wou och Expert'en dran vertraueden waren, hu mir decidéiert e innovativen Projet ze realiséieren, kënschtlersch wäertvoll a mat engem Message den wichteg ass fir d'Salarié'en an hir Vertrieder.

Ech wëll awer haut elo net méi doriwwer verrodnen a mir wëssen am Moment och nach net genau wéini de Projet realiséiert gëtt, mee ech sinn awer frou déi Kënschtlerin déi den Concours gewonnen huet, d'Madame Passeri, och den Owend hei kënnen ze begréissen.

Dir Dammen an dir Hären,

d'CSL ass d'Parlament vun der Aarbecht. Eis Chamber ass d'Verriedung, di eenzeg institutionell Verriedung, vun all den Salarié'en a Pensionéiert'en zu Lëtzebuerg, also och vun den auslänneschen Salarié'en a Pensionéierten an och vun den Frontalieren an Ex-Frontalieren.

An dësem Gebai wäerten d' Reunionen vun der Assemblée Plenièere stattfannen an och d'Aarbechtssätzungen vum Parlament vun der Aarbecht an Zukunft sttfannen.

Eis gewielten Memberen diskutéieren an den Kommissiounssätzungen an an der Plenièere d'Gesetzesprojet'en an d'Reglementer déi mer aviséiere sollen.

Mir befaassen eis an deenen Sätzungen awer net nëmmen mat nationalen Gesetzesprojet'en, mee och mat europäeschen Texter, mat Propositionen vun europäeschen Reglementer an Direktiven soubal wéi se virleien; dat heescht éier dass se adoptéiert ginn, also zu engem Moment vun d'Europaparlament an den Ministerrot nach kënnen Saachen änneren.

Speziell fir déi Dossier'en ze behandelen hu mer virun 5 Joer eng intern Commission aux affaires européennes geschaf fir sech mat deenen Themen ze befaassen.

Mir analyséieren awer och aner Dossier'en an dem Kontext : mir hunn eis am Detail mam Fräihandelsaccord vun der EU mat Kanada beschäftegt, och zum europäeschen Sockel vun den sozialen Rechter hu mer kritesch Stellung geholl, an mir analyséieren natierlech all Joer di Dokumenter di elaboréiert gin am Kader vum europäeschen Semester.

Dat maachen mer an Zesummenaarbecht mam Europasekretariat vum OGBL a vum LCGB, an dat gëtt vereinfacht doduerch dass dëst Sekretariat och hir Büroen hei bei eis am Gebai huet.

Och den Konsumenteschutz, mat dem mer och zënter Joren gutt zesummeschaffen, lount e Büro hei am Gebai fir seng Aktivitéiten besser kënnen ze organiséieren. Mir schwätzen eis a wichtege Punkten wat eis Avis'en betrëfft déi och en Impakt op d'Konsumenten hunn mat der ULC of – wat natierlech doduerch vereinfacht gëtt dass hiren aktuelle President och bei eis an der Plenièere ass – a mir hunn schon eng Rëtsch gemeinsam Publikatiounen realiséiert.

Schliisslech kënnt an eist neit Gebai och eis Stressberodung déi mer well jorelaang an Zesummenaarbecht mat der Ligue luxembourgeoise d'hygiène mentale ubidden. Si kréien besser Lokaler an dem Sënn, dass den Accès dohin elo méi diskret gestallt ka ginn.

Natierlech kënn och e gudden Deel vun eisem Personal an dat neit Gebai schaffen. Eist Gebai waat mer am Moment beim Märeler Park hunn, hunn mer jo verkaf well et einfach ze kléng ginn ass. Et hätt och missen renovéiert ginn an et ass einfach net gutt genuch un den öffentlechen Transport ugebonnen fir di Aktivitéiten déi do stattfannen.

An eist neit Gebai kommen an sech haauptsächlech déi Leit déi am Beräich vun der Formatioun schaffen, mee awer och zum Beispill den Service informatique.

Duerch di nei Aktivitéiten déi mer an deenen leschten Joren entwéckelt hunn, huet natierlech och d'Unzuel vun eisen Salarié'en zougeholl – mir sinn elo op iwwert 80 – an duerfir halen mer och eist d'Gebai an der Rue Auguste Lumière wou den Service Avis et études, d'Comptabilitéit an d'Relations publiques sinn.

A mir hunn natierlech och nach eise Formatiounszenter zu Réimech, den CEFOS, den an sech komplementar ass zu deem wat mer hei zur Verfügung hunn.

Et ass effektiv sou dass mer hei am Gebai vill méi Méiglechkeeten hunn fir Formatiounen unzebidden, wou mer am Moment deelweis mussen op auswäerteg Infrastrukturen zeréckgräifen.

Mir hunn ons Weiterbildungsoffer an deenen leschten Joren a Méint staark erweidert – an deenen leschten 5 Joer sinn bal 50.000 Leit béi eis forméiert ginn - sou dass mer haut frou sinn dass mer eng nei Infrastruktur a gutt equipéiert Säll zu Verfügung hunn fir onsen Participanten déi beschtméiglechst Léierkonditiounen kënnen unzebidden.

Eis Owescours'en ginn weiderhin an den Lycée'en ugebueden. Där hu mer souvill, dat ass net méiglech déi all an engem Gebai ofzehalen. Den Interessi un dësen Coursen ass an deenen leschten Joeren konstant an d'Luucht gaangen a mir leien den Ament bei iwwer 6.000 Aschreiwungen pro Joer.

An Zukunft wäerten mer och méi Cours'en am Dag ubidden déi soss just owes gelaf sinn. Mir hunn domadder schonn an deenen zwee leschte Joren ugefaangen a wäerten dëst weider gezielt ausbauen.

Dës ausgewielten Cours'en am Dag esou wéi och ons aner Formatiounen déi mer an deenen leschten Joren weiderentwéckelt hunn, kënnen mer am neien Gebai ubidden.

Am Beräich vun den Unisformatiounen kommen bei déi bestoend Léiergäng en Diplome universitaire an der Sophrologie mat der Universitéit Lille an en Master am Beräich vum elektronischen Commerce mat der Universitéit Strossbuerg dobäi.

Och d'Seminaren, wou all Joer am Duerchschnëtt 1.000 Leit vun onser Offer profitéieren, fannen am neien Gebai statt.

Mir bidden och weiderhin den europäeschen Computerführerschäin, den Adaptive Learning Tool, verschidden Zertifikatiounen, sief dat an Zesummenaarbecht mat CISCO awer och aner

industriell Zertifikatiounen, un. Mir sinn frou hei am Gebai zwee Informatiksäll um éischten Stack ze hunn, fir der Demande vun den digitalen Formatiounen no kënnen ze kommen.

Mir hunn eis och selwer moderniséiert um digitalen Niveau an deenen leschten 5 Joer, dat iwwert de Wee vun enger Informatiséierung vun eisen Prozeduren. Et kann een sech elektronesch umellen fir eis Cours'en, d'Formateuren kënnen iwwert eis Moodle-Plattform mat hiren Schüler kommunizéieren ; dat selwecht gëllt och fir d'Gestionnairen vun eisen Formatiounen.

A mir hunn och elo rezent, dat huet elo näischt mat der Formatioun ze dinn, eng interaktiv Datebank geschaf mat den Donnée'en déi mer zënter Joren iwwert Ëmfroen sammelen iwwert d'Aarbechtsqualitéit. Lo kënnen interesséiert Chercheur'en, mee och den Grand public op eis Donnée'en zréckgräifen.

Um éischten Stack vun eisem Gebai sin gréisstendeels Formatiounssäll a Versammlungsreim, um 2. an um 3. hu mer Büroen, an um véierten Stack hu mer nach e groussen Versammlungsraum wou och kënnen kléng Receptiounen organiséiert ginn.

Um Rez-de-chaussée sin och Formatiouns- a Versammlungsreim. Hei fannen och an Zukunft eis Kommissiounssätzungen statt déi am Moment zu Märel oflafen.

Flott sinn besonnesch och di 2 grouss Säll an den Galerien um éischten an zweeten Stack wou kënnen Formatiounen, Konferenzen mee och Liesungen, kleng Konzäre, Ausstellungen an kleng Receptiounen organiséiert ginn.

Eng aner grouss Neierung sinn eis Formatiounen fir Seniorinnen a Senioren wou mer e speziellen Katalog mat Formatiounen ausgeschafft hunn mat Sujet'en déi Leit ab 60 interesséieren kënnen.

D'CSL vertritt effektiv och d'Rechter vun den Rentner. Dofir hu mer decidéiert dësen spezifeschen Informatiouns- a Formatiounsprogramm zesummenzestellen. Déi éischt Sessiounen si fir Enn Januar 2019 geplangt.

Allgemeng bidden mer bei eisen Formatiounen am Dag och un dass d'Leit kënnen an eiser hausinterner Brasserie iessen. Déi ass net op fir den Grand public, mee just fir déi Leit déi vun onsen Infrastrukturen profitéieren.

Eis Säll kënnen natierlech och verlount ginn un Societéiten, Associatiounen, ONG'en, Gewerkschaften déi e Besoin u Säll hunn, sief dat fir Formatiounen oder fir Versammlungen ofzehalen. Déi kënnen dann och vun eiser Brasserie profitéieren.

Dir Dammen an dir Hären,

mir hunn an deenen leschten Joren och vill Manifestatiounen, Colloquen a Konferenzen organiséiert. En Deel dovunner hu mer zu Réimech gemaach, mee oft hu mer missen déi Saachen auswäerts organiséieren. Domadder misst et elo gréisstendeels eriwwer sinn.

Mir haten an deenen leschten Joren den Internationalen Arbeitnehmerkammertag hei zou Lëtzebuerg organiséiert, mir haten en Colloque vun zwee Deeg iwwert Europapolitik mat internationalen Intervenant'en, mir haten en internationalen Colloque iwwert d'Moossen vun der Qualitéit vun der Aarbecht, mir haaten elo rezent e Colloque mat den Kollegen vum Forum Culture iwwert Kultur, Aarbecht an Emanzipatioun. Mir haten eng sëllegen Konferenzen mat international renomméierten Orateuren.

Déi Manifestatiounen kënnen mer lo gréisstendeels hei organiséieren och am Zesummespill mat der Coopérative Casino Syndical, denen hiert Gebäi jo och komplett renovéiert gouf an e Freideg inauguréiert gëtt. En Deel vun der Infrastruktur geréiere mer jo och als Copropriétéit.

Als Chamber wëlle mer net stoen bleiwen, mee nei Wee'er sichen, sief dat am Beräich vun der Formatioun, am Beräich vun wëssenschaftlech Kollaboratiounen wéi mat der Uni Lëtzebuerg, sief dat duerch Zesummenaarbecht mat gläichgesënnten Partner wéi dem Konsumenteschutz, der Amiperas, der Ligue d'hygiène mentale oder aneren.

Fir déi Kollaboratiounen weiderzedreiwen ass eist neit Gebäi och en wichtigen Outil. Doriwwer eraus ass d'Gebai vum Parlement vun der Aarbecht d'Haus vun de Salariéen a steet den Organisatiounen vum Salarat an allen aneren Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft, déi sech fir d'Emanzipatioun vum Mensch, fir d'Solidaritéit zweschen de Menschen, fir Demokratie op alle Pläng an eiser Gesellschaft asetzen, zur Verfügung.

Dir Dammen an dir Hären,

Loosst mech zum Schluss nach eng Kéier all deenen Merci soen déi gehollef hunn dass mer haut hei stinn.

Ech invitéieren iech elo schons op e Patt herno, ginn awer elo fir d'éischt d'Wuert un de Guy Greivelding, President vun der Coopérative vum Casino syndical. Duerno wärten d'Architekten en Iwwerbleck iwwer d'Gebai ginn an dann sin déi déi wëllen invitéiert eng kuerz Visit ze maachen.

Villmols Merci fir d'Nolauschteren an ären Interessi!

Luxembourg, le 3 décembre 2018